N° 7909
Entrée le 05.05.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°7909 vum honorabelen Deputéierte Gusty Graas zum Sujet "Accident de circulation d'un stagiaire du CGDIS"**

Op Nofro hi beim CGDIS krut ech d'Informatioun, dass de Chauffer vum SAMU-Gefier, dat op Ouschtersonndeg an en Accident verwéckelt war, e fräiwëllege Pompjee ass, dee säit e puer Méint am Besëtz vun engem gültege Führerschäin ass an deen als Ambulancier Equipier ausgebilt ass.

Ech hu keng Informatiounen zu den Ëmstänn, déi zu dësem Accident gefouert hunn. Dës mussen duerch eng *Enquête judiciaire* determinéiert ginn.

Op engem Asazgefier dierf am Prinzip all Member vum CGDIS fueren, dee fir dat entspriechend Gefier e gültege Führerschäi laut Code de la Route huet.

De CGDIS bitt de Chauffere vun Asazgefierer Fuersécherheetscoursen un, bedreift säit dem leschte Joer e Fuersimulator a sensibiliséiert säi fräiwëllegt an haaptberufflecht Personal vun der Grondausbildung un op d'Thema Sécherheet am Asaz a bei den Asazfaarten.

Lëtzebuerg, den 5. Mee 2023.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding